N° 6336
Reçue le 19.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6336 vum 13. Juni 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Wéi vill Gefierer ginn deeglech ronderem d'Sortie Livange gezielt?

Um permanenten an automatesche Verkéierszäler n°1410 zu Beetebuerg op der Autobunn A3 si vu Januar bis Abrëll 2022 am Duerchschnëtt 55.969 Autoen an 10.679 Camionen, also am ganze 66.648 Gefierer pro Dag, gezielt ginn.

Opgrond vu wéienge Krittäre gëtt decidéiert, dass d'Lärmschutzmauren eng adequat Moossnaam zur Präventioun a Reduktioun vum Stroossekaméidi duerstellen?

Bei all gréisserem Projet ginn akustesch Etüde gemaach déi der Präventioun a Reduktioun vum Stroossekaméidi ze gutt kommen.

Betreffend der konkreter Methodologie an de Mesuren déi am Kader vum Ausbau vun der A3 ergraff ginn, sinn am “Exposé des motifs“ vum Gesetzesprojet (n°7144) bezüglech der “Mise à 2x3 voies de l’autoroute A3“ beschriwwen.

Bei wéi ville vun de genannte Localitéiten sinn och d'Sortie mat Lärmschutzmaueren équipéiert? Gëtt och virgesinn, d'Sortie zu Léiweng mat Lärmschutzmaueren auszestatten? Falls nee, wisou net?

Op der Héicht vun de Lokalitéite Beetebuerg, Peppeng, Léiweng, Bierchem a Béiweng gëtt et nëmmen eng Sortie, den Echangeur vun Léiweng.

Op dëser Plaz ass spéider och virgesinn den Echangeur säitens Léiweng mat Schallschutzmaueren ze equipéieren.

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch